PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Gesondheet weiderzeleeden.

Den elektronesche Carnet de vaccination (CVE) à jour ze halen ass fir den Dokter oder d'Doktesch am Moment relativ ëmständlech. Den Dokter oder d'Doktesch muss sech dofir ëmständlech aloggen, fir dann déi entspriechend Donnéeë manuell an ze ginn. Et gëtt vu Regierungssäit zënter Joren propagéiert, dass déi administrativ Demarche misste vereinfacht ginn, dëst och am Gesondheetsberäich, fir dass d'Doktere méi Zäit fir hir Patienten hunn. Den CVE informéiert den Assurée och per Noriicht doriwwer, dass eng Impfung fälleg ass. Den Assuréë kritt awer net gesot, ëm wat fir eng Impfung et geet, respektiv am Fall wou et ëm e Kand vun enger Persoun geet, ëm wat fir eent vun de Kanner et sech handelt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt net mat engem API (Application Programming Interface) geschafft, wou d'Entwéckler vun de Logicielen déi haut well vun Dokteren agesat ginn kéinten automatiséiert ugebonne ginn?
2. Firwat gëtt den Assuréeën net direkt am Message doriwwer informéiert, ëm wat fir eng Impfung et geet?
3. Firwat gëtt den Assuréeën net direkt am Message doriwwer informéiert, ëm wat fir eent vu senge Kand et geet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten